LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 18 JUIN 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 JUIN 2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire 697

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°697 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

130-000008-20040525-FR

Réponse de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n°697 du 14 mai 2019 de l'honorable députée Madame Martine Hansen

Ass et laut der Madamm Ministesch méiglech ouni Klappjuegten déi festgeluechte minimal Unzuel un Wëllschwäin ze schéissen?

Wëllschwäin hunn eng extrem staark schwankend Populatiounsdynamik. Jee no Wantertemperatur, Witterung, Nahrungsangebot a Bejoungsintensitéit kann den Zouwuess vu Joer zu Joer bis zu 300% variéieren.

D'Juegdpiechter mussen sech dëser Dynamik upassen an deem se méi oft, méi gezielt a méi ënnerteneen organiséiert joe ginn. Fir besonnesch effektiv ze sinn, missten d'Jeeër hier Juegten zäitlech a raimlech matenee koordinéieren. Wëllschwäin notzen e grousst Gebitt, an deem sinn hin an hier wanderen. Wann den eenzele Jeeër sech nëmmen op säin eegent Juegdlous konzentréiert, sinn d'Ofschosszuele mat grousser Wahrscheinlechkeet vill méi déif, wéi wann d'Juegd gläichzäiteg iwwert méi Nopeschlouse geet.

Wann d'Wëllschwäin dann och nach gefiddert ginn, sief et duerch de Jeeër, dee sécher wëllt sinn, datt se méi laang op sengem Lous bleiwen (och wann des Fidderung laut Gesetz verbueden ass), sief et duerch Wanterraps- oder Maisaker, déi dëser Aart vill Fudder bidden, dann dréit de Mënsch dozou bäi datt d'Wëllschwäinpopulatioun wiisst.

Laut den Zuelen, déi d'Natur- a Bëschverwaltung vun de Jeeër geliwwert kritt, gi pro Joer ronn 5000 bis 6500 Wëllschwäi geschoss, dovunner schätzungsweis 80% op de ronn 800 bis 900 Klappjuegten, déi pro Joer stattfannen. De „plans de tir" no missten d'Jeeër eng 10% méi Wëllschwäi schéissen.

D'Klappjuegd ass eng vu méi Methode fir Wëllschwäin ze joen. A ganz Europa kritt kee Land d'Wëllschwäi wierklech an de Griff, onofhängeg vun der Haaptjuegdmethod an deem jeeweilege Land. Ob d'Klappjuegd also eng Plus-Value zu anere Methoden duerstellt, misst an enger europawäiter Analysen ënnersicht ginn.